

Tirage 10 000

Numéro spécial 9/1971.

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme, enrôlées de Force.

OPRUFF


UN D'ELTEREN AN FAMILGEN VUN EISEN DO'DEGEN AN VERMESSTEN —

UN EIS FRENN AUS DER RESISTENZ, UN D'PASSEURS AN ALL DE' LETZEBURGER, DE' EIS
GEHOLLEF HUN, WE' MER VERFOLLEGT WAREN —

UN EIS KOMERODEN, DE' KRANK AN MUTILIE'ERT SIN —

UN EIS KOMERODEN VUN TAMBOW AN AUS ALLEN ANEREN GEFANGENLAGER —

UN ALL ZWANGSREKRUTE'ERT MEDERCHER A JONGEN.



Daat sin d'Griewer vun déne Letzeburger Jongen, de' zu Sonnenburg massakré'ert gouwen!

Mir erënneren eis

Dir all wösst aus der Vergangenhét, aus Eren perse'n-lechen Erliewnesser, aus all Eren Déceptio'n-en, dat et absolut ne'deg an wichteg ass stark ze bleiwen. Mir mus-sen zesummenbleiwen an zesummenstoën, a. z. an dèr Komerodschaft, de' dénen Onbedélegten onverständlech ass, well sie niemols hu missen an de Krich goen. Kén ausserhallef eisem Krés wés wat et héscht, mat 17, 18, 19 oder 20 Joer sein Liewen ze loosén fir eng Saach, de' eis vu grondop ungewiddert an angeékelt huet.

Dir wösst och, dat mir all, eso' jonk we' mer waren, weit vun dohém daat sche'nt Beispill un déne gro'sse Letzeburger nogeliewt hun, de' mat engem Streik eis virun engem battere Schicksal rette wollten.

Dé' méscht vun eisen doudegen Komeroden leien weit versprét doruechter an der Friemd. Wann hir Familjen, hir Frönn a mir sie nôt e'eren, hirer nôt gedenken, we' sie et verdingt hun, dann sin sie définitif vergiess. An de Joeren 1950 bis 1960 hu mir et erliewt, we' et këng offiziell Gedenkstonn fir sie gouw a vun hinnen këng Rieds me' war.

Daat därf nôt me' vierkommen !

Am Joer 1959 hun mir eis op en Neits d'Wuert gin, all eisen Komeroden ze gedenken an hir an eis mora-

lesch a matériell Interessen ze ver-dédegen. Mir hun eis d'Wuert gin, d'Affér vun eiser Generatio'n, vun Dausenden vu Fa-miljen a Frönn an aller Oeffentlech-két ze wierdegen. An daat maache mir zesummen mat all déne Letzeburger, de' nach wösse wöllén, we' et dé-mols effectif war, an de' och nach haut an aller Oef-

lech-két sech duerzo' bekennen.

Fir eis ass daat eng helleg Pflicht,

well haut absichtlech d'geschichtlech Wo'recht verdre't gött;

well haut we' dé-mols eis Generatio'n absichtlech vergiess an ignore'ert göt;

well haut, 26 Joer no dem Krich, an engem letzeburge-sche Gesetz d'Médercher an d'Jongen vun dé-mols absichtlech als Bierger zwéter Klass betruuecht a be-handelt gin;

well mir zwangsrekrute'ert Médercher a Jongen haut aus klenglechen, politischen Intrigen manipule'ert gin an absichtlech eng weider Ke'er der Staatsraison ge-affert solle gin, an

well mer niemols dürfen zo'loosen, dat doduerch all dé-ne Letzeburger hir Affér minimise'ert, jo, als sönn-los dohingestallt gin, de' duerch de' dé-moleg, énzeg-

arteg Streikaktio'n eist Land zu enger wierklecher Natioun gemaach hun.

Et ass eso', an de' söllegen Stierwäll önnherhallow eise Reihen sin de beschte Beweis derfir, dat mir haut all, ében duerch de' é-lendeg Verschléfung an d'Zwangsrekrute'erung, gezécht sin fir de ganze Rëscht vun eisem Liewen. Mais ganz égal

ob mir no allen Enttäuschungen no un der Résigna-tio'n sin,

ob mir verloos an eleng am Liewen do stin,

ob mir krank oder мүтi-le'ert sin,

mir müssen démonstre'eren an

proteste'eren eso' laang mer liewen.

Mir können an dierfen nôt d'accord sin, wann d'Affér vun enger ganzer Generatio'n nôt unerkannt gin; wann zwéerlé Mooss a Gewiicht applize'ert gin; wann mir zu Bierger zwéter Klass dégrade'ert gin an der égenér Hé-mecht.

Emol am Joer ass

den Dag vun eiser Generatio'n,

den Daag, dén kén eis huele kann,

den Daag, wou mir zesummenfannen,

eleng önnher eis,

eleng, we' dé-mols !

E Sonndeg, den 19. September 1971, fanne mir eis zesummen an der Staatsd'Armes.

15.30 Auer: R a s s e m b l e m e n t.

Usprôch vun engem Vertrieeder vun de Malgré-Nous,

Usprôch vun eisem President, Jos. Weirich.

16.00 Auer: Formatio'n vum Cortège, dén duerch d'Staadt op de Kano'nenhiwel fe'ert.

16.30 Auer: Cérémonie bei eisem hölzene Kreitz, mat Appel aux Morts, Lidder viergedroen vum Monnercher Kannercho'er, Sonnerie aux morts an dépôt de gerbes.

17.15 Auer: Messe commémorative an der Kathedral.

Op desem Dag erönnere mir un all eis Do'deg a Ver-mössten.

Op desem Dag sti mir awer och an fir d'Unerkennung vun eisen légitimen Rechter an den Ré-tablissement vur eiser E'er.

Mir proteste'eren ge'nt all Diffama-tio'n, ge'nt all Ver-dre'hung vun der historiescher Wo'-recht, ge'nt all Dis-criminatio'n, ge'nt all nei Affér.

Mir dürfen nie ze vergiessen !

We' dack go'w zönter Krichsenn vum «Verzeihen» a vum «Nôt-Vergiessen» geschwaat? Des Wierder sin zu neischtsoenden Klischeen dégrade'ert gin.

Fir eis Enrôlés, de' mir de' primärst Betreffen sin, dürfen des Wierder niemols zu engem eidele Begröff gin loosén. Daat nôt nömmen we'nt dénen schwe'eren Affér, de' eiser Generatio'n oofverlaangt go'wen, mais och a ganz besonnesch, well mir verhönnere müssen, dat sech eppes Aehnlechtes un dem heitegen oder spe'dere Jonk-tem widerhöllt, un eisen égenen Kanner a Kannskanner.

Imprimerie Hermann, S.à r. l., Luxembourg